PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/10/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An de leschte Joren ass et ëmmer méi dacks virkomm, datt ëffentlech Entitéiten an hire Beschafungsprozesser 3 bis 5 Referenze vu Projeten an änlecher Gréisstenuerdnung aus de leschten 3-5 Joer verlaangen. E konkreete Beispill ass d'Installatioun vun 850 WLAN-Zougangspunkten. Dës Praxis féiert dozou, datt lëtzebuergesch Acteuren, déi eventuell gutt qualifizéiert sinn, fir déi gefuerdert Déngschtleeschtungen unzebidden, automatesch disqualifizéiert ginn, well de lëtzebuergesche Maart ze kleng ass fir esou vill Referenzen ze sammelen. Dëst steet am Widdersproch zu eisem Zil, lëtzebuergesch Kleng- a Mëttelbetriber ze fërderen, an et ass kloer, datt den ëffentleche Secteur seng Beschafungsstrategien iwwerdenke muss.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Ministesch sech bewosst, datt dës Praxis dacks zu enger Benodeelegung vu lëtzebuergesche Betriber féiert, besonnesch am Beräich vun neien Technologien?
2. Wéi gedenkt d'Ministesch dëser Problematik entgéintzewierken a méi Chancëgläichheet tëscht nationalen an internationale Betriber bei ëffentlechen Ausschreiwungen ze garantéieren?
3. Gëtt et Pläng fir e beschleunegte Verfaren ("fast-track scheme") fir kleng a mëttelgrouss Betriber anzeféieren, fir hinnen d'Participatioun un ëffentlechen Ausschreiwungen ze vereinfachen?
4. Wéi eng konkret Moossname kéinte geholl ginn, fir d'Hürde fir lëtzebuergesch Betriber bei ëffentlechen Ausschreiwungen ofzebauen, ouni d'Qualitéit vun de Prestatiounen ze kompromettéieren?
5. Gëtt et Pläng fir d'Beschafungsprozesser ze iwwerschaffen, fir d'Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg ze stäerken an inländesch Acteuren ze encouragéieren, un ëffentlechen Ausschreiwungen deelzehuelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten